



6 Länder Freundschaftstreffen 6 Nations Friendship Tournament AUSTRIA 2019



03.07.19

3. Training op der Donau bei Hainburg an Éisträich

Elo ass den 3. Training och gefëscht.

Hunn mir gëschter nach geduecht d'Fëscherei géing lues a lues besser ginn, esou si mir haut nees op de Buedem vun den Tatsaache gesat ginn. Mir souzen an der Box 4. Dat ass den Deel vun der Streck déi an den "Hafen" era geet. Hei leien déi éischt 3 Stänn ausserhalb vun dëser méi roueger Zone an 3 Stänn am Agang vun dësem Hafen.

Schnell hunn mir festgestallt dass och hei d'Fëscherei net einfach ass, an dat well och an dësem Beräich d'Fléissgeschwindigkeit an d'Richtung vum Waasser dauernd ännert. Sinn nach gëschter hei op dem leschte Stand eenegermoosse Fësch gefaange ginn, esou war dat elo net méi de Fall. Dat war iwwregens och an den anere Sektoren net anescht. Do wou mir gëschter souzen, an am ënneschte Sektor wou déi Däitsch eng etlech schéi Baarwe gefaang haten, hunn d'Éisträicher haut praktesch guer näischt gefaang. Bei den Hollänner haten 2 ëm déi 4,5 kg an de Rescht vun hinne guer näischt oder 1 bis 2 Fësch. Déi Däitsch direkt ënner eis haten zesummen 2 deck Fësch an nach en bëssche Geräbbels. Dräi vun hinne ware Capot.

Jee, laut dem Organisateur léit d'Ursach vun dëser Misär doran dass am Mee nach vill Schnéi an de Bierger gefall soll sinn deen elo an de leschte Woche geschmolt ass, an esou Donau zou dësem Zäitpunkt ass wei normalerweis ugangs bis Mëtt Mee. Am Prinzip ginn em des Zäit Gewiichter vun em déi 20 kg gebraucht fir ze wannen.

Bei eis haten der zwee 2,6 kg; een 2,4 kg, de beschten 3,8 kg an déi aner zwee en puer kleng Fësch. Eise Fang war bis ob 2 Pieschen ausschliisslech Plaquetten an de Yves hat eng Bréissem vun ongeféier 1,7 kg.

Éierlech gesot, wann ech ze wielen hätt wou ech wëllt um Match setzen, da wär dat do wou ech haut souz. Hei um zweetleschte Stand am C Sektor sinn, am Prinzip, mat vill Gepiddels awer en puer Plaquetten ze fänken. An dat konnte mir jo fréier éier d'Gondelen bei eis an der Musel opgetaucht sinn, besser ewéi mat Fändele vun 20 bis 60 Gramm op deck Fësch ze fëschen.



6 Länder Freundschaftstreffen 6 Nations Friendship Tournament AUSTRIA 2019



Muer ass elo de leschten Training, an da si mir prett fir de Match.

Wann mir Chance hunn gehéieren eis Fëscher zu de Glécklechen déi dann en decke Fësch fänken, an domat op en gutt Resultat kënnen hoffen. Wann net, da geet d'Welt net ënner, a mir kenne soen dass mir eist Bescht ginn hunn fir hei op dësem Tournoi Lëtzebuerg wierdeg konnten ze verrieden.

Ech melle mech nees moer den Owend fir Eech matzedeele wei de Bols bei eis ass.

MB

